



1.Mee-Ried

vum Nora Back

Präsidentin vum OGBL

den 1.Mee 2022

Discours sous embargo jusqu'à la fin du discours prononcé.

Seul le prononcé fait foi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Léif Frënn,

Merci!

Ech soen iech all villmools Merci fir är Präsens haut de Moien. Well dat bedeit eppes. Ni méi soll ee behaapten den OGBL wier isoléiert.

Isoléiert sinn déi, déi mengen si wieren all an engem Boot an awer wëll een deen aneren ersaufen.

Isoléiert ass deen, deen op engem waarme Stull an engem Schlass den Indexklau beschléisst.

Isoléiert ass deen, dee vun uewen erof dem gesamte Salariat an de Pensionéierten hir Kafkraaft schwächt.

Mir sinn dat net!

Mir sinn déi gréissten demokratesch Verriedung an déi eenzeg wierklech Gewerkschaft vun de schaffende Leit an hire Famillen zu Lëtzebuerg.

An haut, op eisem 1. Mee, um Dag vun der Aarbecht, sti mir hei, grad elo, fir all d'Leit an der Aarbecht an an der Pensioun ze verdeedegen. A mir mussen si verdeedege well si ginn ugegraff.

Haut ass den 1. Ausdrock vum Widderstand vum OGBL zur Politik vum Sozialofbau, déi am Moment bedriwwe gëtt.

Chers collègues,

Notre présence ce matin en dit long. Nous allons leur montrer que l'OGBL n'est pas isolé.

Le plus grand syndicat du Luxembourg et le seul à défendre les intérêts de tous les travailleurs et des retraités ne va pas se laisser faire.

Parce que nous sommes des syndicalistes. Parce que c'est notre devoir de dire NON au démantèlement social plutôt que de l'accompagner.

Aujourd'hui, ce premier mai, le jour de la fête du Travail, nous marquons un signal fort au gouvernement et au patronat et je vous remercie encore pour votre présence massive!

Chers collègues francophones, je ne peux pas tenir le discours en deux langues aujourd'hui, étant donné que ce serait beaucoup trop long. Je compte sur votre compréhension et vous prie de suivre la traduction sur les écrans. Merci.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den OGBL huet de sougenannten Tripartite Accord net matgedroen.

An dat aus ville Grënn,

Deen éischte Grond ass deen, datt et sech em näischt méi an näischt manner handelt wéi eng déifgräifend Indexmanipulatioun!

Dat sou wichtegt Antikriseninstrument par excellence – d'Tripartite – gouf méissbraucht fir just, an nëmme just, un den Index ze goen.

Den Index, eng vun eise wichtegste sozialen Errongenschaften hei am Land, fir dee mir an eis Virgänger ëmmer erëm hu misse kämpfen.

Den Index, déi eenzeg Kompensatioun, déi mer hu fir de Kafkraaftverloscht vun de Leit.

Den Index, nieft de Kollektivvertrëg an dem Mindestloun, ee vu just 3 Loungesetzer hei am Land, déi eis ganz Loungestaltung ausmaachen.

Den Index, en onersetzlecht Instrument fir d'Léin, d'Renten an aner Sozialleeschungen un d'Liewenskäschen unzepassen.

Den Index, eng Garantie fir de soziale Fridden am Land.

Genee deen Indexmechanismus war quasi eenzeg Thema an der Tripartite. A genee dee gi Regierung a Patronat elo bis an d'Joer 2024 era manipuléieren.

Bis an d'Mandat vun der nächster Regierung. Bis an eng Zäit, wou mer net wësse wéi et mat deem grausamen Ukrainekrich virugeet. Mat dem Risiko op Dauer 1 oder méi Indextranché ganz ze verléieren!

Net mam OGBL!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den OGBL ass an déi Tripartite-Verhandlungen eragaangen, fir dass et de Leit duerno besser geet. Net méi schlecht.

Fir dass hir Kafkraaft gestärkt gëtt. Net geschwächt.

Fir dass se hiren Index behalen. Net verréckelt oder geholl kréien.

Fir dass se doriwwer eraus ënnert d'Äerm gegräff kréie fir d'Explosioun vun de Präisser ze packen. Net fir dass se e puer Kakuette kréien aplaz vun hirer Indextranche.

An dat ass schonn den zweete Grond firwat den OGBL net ënnerschriwwen huet.

Well den Index net ze ersetzen ass. Et ass eben net en Outil fir Sozialpolitik ze maachen. An et ass och net e Scheck oder e Steierkredit, dee vun de Steiergelder ze bezuelen ass.

Et ass eng Lounupassung, déi de Patron un seng Salariéen ze bezuelen huet fir hire Kafkraaftverloscht auszegläichen.

Den Index ass en integrale Bestanddeel vun eisem Loun dee mer erschaffen. Dee mer eis verdéngen.

Dee soll an däerf net och nach wéi eng Sozialhëllef vum Steierzueler selwer bezuelt ginn. Oder sollt et nach souwäit kommen, datt mer eis Paie selwer mat Steiergelder bezuelen?

Dat wier jo vill méi flott fir d'Employeuren. Well hinne geet et jo all esou schlecht. Zwou Indextranchë géifen hinnen d'Genéck brieche, soen se. All d'Betriber an alle wirtschaftleche Beräicher ginn da futti, soen se.

Ma wou dann, Kolleeginnen a Kolleegen?

Vläicht am Bankesecteur, wou e Gewënn gemaach gëtt vu plus 30% an engem Joer?

Wou all deen erschaffte Räichtum elo an d'Täsche vun den Aktionäre fléisst an d'Leit hir Indextranche net kréien?

Wou grouss Banken elo erausginn a prale mat e puer Honnerte Milliounen Euro, déi se un Dividenden ausbezuelen?

Vun deenen 800 Milliounen Euro, déi eng Indextranche kascht, geet elo dee gréissten Deel vun eiser Täsche genee an hir Täschen.

Si packen et net déi Indextranchen auszebezuelen, soen se. Vläicht bei Amazon, grouse Krisegewënner mat Milliarde Beneficer a gläichzäiteg Niddreglounpolitik. Amazon Europa, deen einfach mol esou am Joer 2021 keen Euro Steiere bezuelt huet. Do kréien d'Leit zu Lëtzebuerg elo hir Indextranchen net wann se erfalen. Ass de Jeff Bezos wierklech op déi Suen ugewisen?

Sécher net, awer d'Leit sinn et, Kolleeginnen a Kolleegen.

D'Betriber gi futti soen se, Covid huet se gebeidelt.

Vläicht am Handwierk, wou an deene leschten 2 Joer iwwer 700 Betriber hei am Land opgemaach gi sinn? Esou schlecht muss et hinne goen, datt iwwer 700 Entrepreneuren decidéiert hunn en Handwierksbetrib opzemaachen!

De Krich mat all senge Konsequenzen op d'Energiepräisser an op d'Liwwerproblemer erlaabt hinnen et net hire Leit den Index auszebezuelen, soen se an der Industrie.

Ma da muss et schlecht ëm se stoen, wann eng Indextranche se ëmbréngt, wou hir Lounkäschten am Duerchschnëtt bei 20% leien.

Esou schlecht, datt e Betrib wéi Arcelor Mittal houfreg mat sengem Rekordbenefice vu 15 Milliarden Euro d'lescht Joer gepraalt huet.

Engem Betrib wéi eisem gudden RTL mat Rekordgewënner an enger Croissance vun 132% an engem Joer brécht et also d'Genéck wann se hirem Personal müssen hir Indextranchë korrekt ausbezuelen?

Déi grouss Supermarchéen, déi eenzeg, déi op waren an der Pandemie an net nëmme Liewensmëttel verkaf hunn an déck Geschäfte gemaach hunn, kënnen déi hirem Personal, déi scho keng déck Paien hunn, wierklech keng Indextranchen ausbezuelen?

All déi Bommeresultater si vun de Leit erschafft ginn. Dank hiren Efforten, hirer Aarbecht, hirem Engagement.

Den Stroossentransport geet futti bei 2 Indextranchen, well se sou Problemer hu mat de Präisser un der Pompel, soen se? Dee Secteur, deen seng Ausschreiwungen an Tariffer automatesch indexéiert, geet also futti wann se datselwecht müssen hire Leit ausbezuelen? Sécher net!

Am Spidolssecteur, Fleege- a Sozialesector, am Enseignement, am gesamten ëffentlechen Déngscht, an de gesamte Servicebetriber, am Nettoyage, am Gardiennage, sinn se iwwerall wirtschaftlech net vun den Energiepräisser, nach vun de Liwwerengpäss betraff.

An awer kréien all déi Betriber laut der „Energietripartite“ den Index geschenkt. An déi schaffend Leit kréien e geklaut.

De Combel vun där sougenannter Tripartite ass dann, se „Solidaritéitspak“ ze nennen. Solidaritéit vu wem? Mat wem?

Wien muss hei wem ënnert d'Äerm gräifen? Déi eenzeg vun deenen elo verlaangt gëtt zeréckzestieche sinn d'Leit. An dat zu Gonschte vun de Betriber.

Misst een et net éischter „Fuddelpak“ nennen?

De ganzen Tripartite-Mesurëpak geet just eesäiteg an d'Hänn vun de Patronen.

Nieft de sëllegen Aiden un d'Entreprise, kréien se all, flächendeckend a mat der Géisskan, méintelaang Indextranchë geschenkt.

Mir kréien duerfir während 3 Méint 7,5 lächerlech Cents um Liter Bensinn bezuelt. Déi si als Betriber natierlech och kréien, sou ass et jo net.

Mir kréien duerfir eng nei Subvention des loyers, déi scho virun der Tripartite an engem Projet de loi stoung. Déi nëmme muss geholl gi well d'Loyeren explodéieren a mer nach ëmmer net eng uerdentlech Loyersbrems zu Lëtzebuerg hunn.

Dat war et da scho bal mat deem, wat d'Leit kréien. Während d'Entreprisë Milliounen Euro un Hëllef kréie plus déi verréckelt Indextranchen.

An duerfir solle mer da bei de Geréngverdinger e Steierkredit als Kompensatioun kréien. Dat awer ni eng wierklech Kompensatioun fir den Index ka sinn.

Éischtens well et manner ass. An net jiddereen et kritt. An et anescht wéi den Index, net op den lwwerstonnen, Supplementen, Majoratiounen, Primmen, Permanenceindemnitéiten, um 13. Mount, um Chef de famille, asw. erfält.

An et net mat an d'Pensioun gerechent gëtt.

Mee mir kréien net nëmme keng Kompensatioun dofir, mee mir kréien den Index op all dëse Lounelementer geklaut. Wouduerch se zousätzlech u Wäert verléieren.

Duerfir Kolleeginnen a Kolleegen, handelt et sech em näischt anescht wéi nëmme Makulatur, eng Almosepolitik fir vun der Indexmanipulatioun ofzelenken.

Et stellt sech d'Fro fir wéi domm se eis halen?

Datt mer net géinge mierken, datt se eis den Index huelen op eisem Loun, dee mer erschaffen, an eis da wëlle verkafen, datt et net sou schlëmm ass well mer dofir eng staatlech sozial Hëllef kréien?

Dovun ofgesinn, dass se d'Indexmanipulatioun bis 2024 beschléissen, mee hir lächerlech Kompensatiounen och nach just fir déi éischt Tranche.

Zweetens, Kolleeginnen a Kolleegen,

Wéi all sozial Hëllef, gëtt och déi hei aus eiser eegener Täsch finanzéiert. Mir bezuelen also zweemol.

Dem Patron maache mer e Kaddo vun eisen Indextranchen a mir bezuelen doriwwer eraus och nach eis eege Kompensatioun.

Et ass eng verréckten Ëmverdeelung vun ënnen no uewen! All déi schaffend Leit an hir Famille mussen all de Betriber ënnert d'Äerm gräifen.

An et ass net esou Kolleeginnen a Kolleegen, datt den OGBL net agesäit, datt verschidde Betriber wierklech a Schwierigkeete kënne kommen. Mir hunn souguer an der Tripartite d'Propose gemaach wéi een hinne cibléiert kann hëllefen. Sou wéi mer och déi lescht Jore während der Covidkris ëmmer d'Hëllefen un d'Entrepriseënnerstëtzt hunn.

Souvill honnerte Milliounen Euro fir d'Betribler mat der Ënnerstëtzung vum OGBL.

An an dëser Kris ware mir och gewëllt eng Analys ze maachen, wéi eng déi Betribler sinn, déi musse gehollef kréien. Mee dat wollt d'UEL ni. Et goufe vu Patronatssäit keng Zuelen op den Dësch geluecht. Et gouf keng differenzéiert Analys gemaach. Well se dat net wollten. Well se just nëmmen eppes wollten: un den Index.

An d'Regierung huet dat blann iwwerholl. Déi 3 Regierungsparteie si virum Patronat an d'Knée gaangen.

An da versichen se eis als ideologesch duerzestellen. Dobäi ware mir pragmatesch. Mir hunn no konkreten, cibléierten Hëllef gesicht. Fir d'Leit a fir d'Betribler.

Op der enger Säit mécht eis Regierung eng Almosepolitik fir d'Leit. Hëlleft deene schwächsten aus der Gesellschaft, wéi se soen.

Huele jidderengem seng Indextranchen a ginn deenen ënneschte Revenuesklassen, de sougenannten Quintile 1 an Quintile 2, eng sozial Hëllef vun e puer Euro, fir datt se iwwer d'Ronne kommen, wéi de Statec et gerechent huet.

An op der anerer Säit schenkt eis Regierung ondifferenzéiert alle Betribler d'Ausbezuelse bis Enn nächst Joer vun e puer Indextranchen.

Ma mir hu proposéiert och d'Betribler a Quintilen opzedeelen. Déi schwächste Glidder aus der Ketten ze „iwwerkompenséieren“. Dat wollten se net héieren. Dann hätten se jo och missten hir Chifferen op den Dësch leeën.

Betribler wollten alles. Regierung huet hinnen alles ginn.

Almose bei de Leit. Géisskan bei de Betribler.

Duerfir: Reng ideologesch war just d'Patronat. Deem et vun Ufank un nëmmen em eppes gaangen ass: sech hiren éiwegen Dram vun der Indexmanipulatioun ze erfëllen.

Well et ass wéi ëmmer. Den Index ass ni e Problem wann en net erfält. A soubal eng Tranche erfält, ass den Index erëm e Problem fir si. An dat säit jeehier.

Wéi ëmmer kommen déi eenzel Patronatsvertreder dann aus all hiren Ecken eraus a versichen den Index ze attackéieren.

An hei hunn se just op de richtege Moment gewaart fir zouzeschloen.

An et ass infek, jo Här Reckinger, infek wann elo de grausamen Ukrainkrich mëssbraucht gëtt fir de Leit hei am Land un hir Kafkraaft ze goen.

Dobäi war den OGBL den éischten, deen zesumme mat aneren Organisatiounen, op eng Anti-Krichsdemo opgeruff huet. Zu Dausenden hu mer eis op der Place Clairefontaine versammelt fir den direkte Stopp vun alle Krichshandlungen. Fir den Ofzuch vun de

russeschen Truppen aus der Ukraine. Fir humanitär Hëllef fir all Krichsflüchtlingen. Fir de Friden.

Mir hu kee vun hinne gesinn op där Maniff, an och kee vun deenen, déi jorelaang Geschäfte mat de russeschen Oligarche gemaach hunn.

Den OGBL léisst sech net virgeheien e géif de Krich net seriö huelen. De Krich net seriö huele mécht deen, deen en instrumentaliséiert fir politesch eise soziale Besëtztstand unzegräifen.

Deen déi immens Solidaritéit vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung an eis mënschlech Betreffenheet notzt fir de Leit Angscht ze maachen.

De Krich als Argument ze benotze fir hinnen eppes ewech ze huelen. Dat ass inakzeptabel.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir si rosen. Den OGBL ass rosen.

Mir sinn 1 mol rose well esou en inakzeptablen Accord um Bockel vun de Leit gemaach ginn ass.

Mir sinn 2 mol rose well ouni déi gréisst Gewerkschaft am Land eng Tripartite iwwert de Knéi gebrach an ofgeschloss ginn ass, mat engem Resultat wat just Sozialofbau bedeit an iwwerhaapt näischt gekläert ass.

An et stellt sech jo elo ëmmer méi eraus, datt hiert Kaartenhaus zesummebrécht.

Well elo schonns, no eisem Drock nogebessert gëtt.

Well elo schonn op den Allocations de famille zrëckgeruddert gëtt.

Well elo schonn de Vize-Premierminister selwer muss zouginn, datt eng vun de Mesurë sënnslos a just symbolesch ass.

Well elo, no der Ënnerschrëft kee weess wéi d'Kompensatiounskrediter solle gerechent ginn.

Well op eemol net kloer war ob dat ganz iwwerhaapt verfassungskonform wier.

Well elo och eng vun den anere Gewerkschaften zwar anscheinend nach ëmmer net géint den Accord ass, mee awer och ëmmer manner dofir.

An duerfir Kolleginnen a Kollegen,

Iwwer kuerz oder laang wäert jidderee mierken, dass d'Leit massiv op d'Ae gedréckt ginn!

A mir sinn 3 mol rose well duerno, nodeems den OGBL sän legitimmen Nee dozou gesot huet, versicht ginn ass eis duerch den Dreck ze zéien.

Fir hir Indexmanipulatioun un de Mann an d’Fra ze bréngen, hunn se jo misse versichen de Leit ze erklären, datt dat eng gutt Saach wier. A keng vun den 3 Regierungsparteien huet sech duerno gescheit den OGBL ze probéieren an den Eck ze drécken.

Mir hätte kee Verständnis fir de Krich – eng Frechheet.

Mir wéilten näischt fir d’Betriber – net wouer.

Mir géifen eng Tripartite platze loosse well mer just eppes wollte fir Groussverdénger – dat do grad dem OGBL ze ënnerstellen ass eng Frechheet a Ligen zugläich.

Mir wieren isoléiert – si mer dat Kolleeinnen a Kolleeen?

Wat se do versicht hunn geet net. Dat bleift hänken. Der Gewerkschaft virzegeheien, datt se net mat Patronat a Regierung wëll eng Indexmanipulatioun ënnerschreiwen an eis da wëlle schlecht duerstellen. Dat wäerte mir net vergiessen.

Kolleeinnen a Kolleeen,

Mir kommen aus enger schwéierer a laanger Zäit. D’Gewerkschaft konnt sech net versammele wéi se et gewinnt ass. D’Leit hu gelidden. Op hirer Aarbecht an an hirem Privaten. Gesondheetlech awer och mental. Déi psychologesch Belaaschtung vun alle Leit, Jonken, Schaffenden, Pensionéierte war enorm. Mir hunn souvill matgemaach an zum gréissten Deel solidaresch matgedroen.

Eis Regierung huet souvill Merci ausgeschwat fir déi Leit aus den essentielle Beruffer. Déi un der éischer Front. Am Nettoyage, am Commerce, am Gardiennage. Eist Iwwerliwen hunn si erméiglecht.

Haut gi mer un hiren Index. D’Gesondheets- an Fleegeberuffer, déi esouvill matgemaach hunn, kréien haut mol zum groussen Deel kee Kompensatiounskredit dofir.

Déi, déi net schaffe konnte goen haten awer och finanziell vill Aboussen duerch z.B. Chômage partiel.

Dunn kouw dee schlëmme Krich an Europa. D’Ängschte gi weider.

D’Energiepräisser sprengen duerch de Plaffong. Séier hunn d’Leit bei hiren Heizkäschten eng Verdueblung oder souguer méi erlieft. Beim Tanken ass et net vill besser. Aner Präisser klammen no.

D’Inégalitëiten, déi scho viru Covid bestoungen, klamme weider. D’Tendenz ass leider ongebrach. Lëtzebuerg war viru 15-20 Joer nach bei deene Beschten; haut leien d’Inégalitëiten iwwert dem europäeschen Duerchschnëtt.

Alles dat, gekoppelt mat den onbezuelbare Wunnkäschen hei zu Lëtzebuerg an an der Grenzregioun, maachen de Leit seriö Problemer.

Problemer fir um Enn vum Mount d'Enner beieneen ze kréien. Vill Leit, bis an d'Mëttelschicht eran, musse bäi den Offices sociaux fir Hëllef froen oder an den Epiceries sociales akafe goen.

An an deem Kontext ass den OGBL an déi Tripartite gaangen, fir eppes fir d'Leit ze maachen.

An an deem Kontext ass d'Regierung higaangen an huet eng déif Attack op eis Kafkraaft geridden.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Dat geet net. Do musse mer eis dogéint wieren. An dat maache mer a wäerte mer weider maachen. Eis Maniff haut ass en éischt Zeeche vun eisem Widderstand géint déi Politik.

Den Index war a bleift e Garant vum soziale Fridden. A mir hunn se virgewart. Eng Indexmanipulatioun féiert garantéiert zum soziale Konflikt. Eng länger Phase vum Lounkampf ass elo agelaut.

Et gëtt et laange Wee a mir ginn net of vun eisem Wee. Den OGBL huet e laangen Otem an dat wäerten se gesinn. Mir ginn net op, bis e politesche Kurswiessel op de weesentleche Froe vun de schaffende Leit an de Rentner ageschloe gëtt.

Duerfir ass et grad elo wichteg, dass mir eng staark Gewerkschaft sinn. Déi riicht bleift. Déi probéiert Léisungen um Verhandlungsdësch ze fannen, mee déi och opsteet a sech wiert wann et néideg ass.

An dat si mer am gaangen ze maachen. An dat hei ass den Ufank vun eppes Groussem, vun enger Beweegung, déi et fäerdeg bréngt Saachen ze veränneren. A mir sinn all en Deel dovun.

An op Zäit wäerten all d'Leit ëmmer méi verstoen, datt deen Accord e Verloscht fir se bedeit. An hirer Pai. An hirer Pensioun. Ëmmer méi Leit wäerten sech mam OGBL zesumme wieren.

An all deenen, déi gemengt hunn d'Leit sinn ze bequeem, et geet kee méi op d'Strooss, weise mer de Contraire.

Net well mir dat wëllen. Nee, well Politik a Patronat eis zréck op d'Strooss drécken.

Andeems se den Index attackéieren, en historieschen Acquis, attackéieren se de Sozialmodell. Schwächen se de Sozialdialog. An dat ass eppes wat dës Regierung mat System zënter Joren a Jore probéiert.

Ëmmer erëm goufe mer viru Faits accomplis gestallt. Ëmmer erëm hunn se eis net geruff, oder just fir d'Show.

An haut gi se esouwäit ,datt se soen de Sozialdialog ass är Ënnerschrëft op enger Indexmanipulatioun, soss gëtt et vläicht guer kee Sozialdialog méi.

Domat drécken se eis quasi vum Verhandlungsdësch andeems se réckschrëttlech Politike maachen. Da musse mir mat traditionelle gewerkschaftleche Mëttele reagéieren.

Mir brauche keng Regierung, déi vill vum sozialen Dialog schwätzt! Mir brauchen eng Regierung, déi de sozialen Dialog mécht.

Mee eis Regierung brécht Accorde mat der Gewerkschaftssäit, si brécht hir eegen Engagementer a Versprieche.

Wa si sozialen Dialog seet, dann heescht dat a Wierklechkeet: si diktéiert.

Wa si Solidaritéit seet, dann heescht dat Ëmverdeelung vun ënnen no uewen.

Wa si Tripartite seet, dann heescht dat Bipartite mat de Patronen.

Wa si seet si mécht keng Austeritéitspolitik, dann heescht dat, dass mer eis op dat Schlëmmst musse gefaasst maachen.

Wa si seet si geet net un den Index, da wësse mer spéitstens haut, dass dat heescht, datt den Index manipuléiert gëtt.

Mir riichten den Appell un all eenzelen Deputéierte vun der Chamber elo Nee ze soen zum Tripartitesaccord.

Nee ze soen zum Accord, dee keen ass well e vun der Gewerkschaftsmajoritéit net ënnerschriwwen ass!

Dir Dammen an Hären Deputéiert vun der Chamber:

Maacht iech net schëlleg um Demontage vum Lëtzebuerger Modell an dem soziale Fridden.

Maacht iech net schëlleg duerch Attacke géint d'Léin vun de schaffende Leit.

Stitt a fir de soziale Fortschrëtt, stitt a fir d'Verdeedegung vun de sozialen Errongenschaften, stitt a fir den Ofbau vun de sozialen Ongläichheeten.

Dofir sidd dir vum Vollek gewielt.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wann eise Sozialmodell, deen sech historesch opgebaut huet an och erkämpft ginn ass,
Schrëtt fir Schrëtt ugegraff gëtt,

Wann d'gesellschaftlech Kräfteverhältnisser ëmmer weider eng Verschibung erliewen
duerch déi wirtschaftlech a politesch Muecht vum Kapital.

Wann no jorelaanger Austeritéitspolitik mat hire schlëmme Konsequenzen,
wirtschaftlech a sozial gesinn, eidel politesch Versprieche gemaach ginn, dat kéim net
erëm, an et géif keen un den Index goen,

dann hu mer eng politesch Schiflag hei am Land.

A wann dann no der Pandemie Angscht virum Krich an Angscht viru Flüchtlingskrisen
dobäi kommen, ass dat den Nährbuedem fir populistesch, nationalistesch a rassistesch
Tendenzen.

An dat dierfe mir net zouloossen.

A mir brauchen net wäit an d'Ausland kucken ze goe fir ze wësse wat mer net dierfen
zouloossen.

Et ass gutt, datt d'Le Pen net gewielt ginn ass. Et ass richtig a wichteg fir eis all. Fir
Europa. De Faschismus dierf ni eng Optioun sinn. Ni!

Mee et ass erschreckend, wéi héich trotz allem d'Marine Le Pen gewielt ginn ass.

Och dat soll eis eng Warnung sinn.

Duerch d'Ongläichheeten, déi de Neoliberalismus ervirhieft, gëtt de Faschismus
gestärkt. De Vott vun de Leit gëtt ëmmer dann extrem, wann se sozial geschwächt ginn.

Duerfir muss de Neoliberalismus gestoppt ginn. An och de President Macron, de Président
des riches dierf net vergiessen, dass säi Walresultat, Stëmme géint rietsextrem war. Hien
huet elo kee Fräifaartschäin an och hie muss seng liberal Politik a Fro stellen.

An och dofir sti mir haut hei op eisem 1. Mee.

Well den 1. Mee ass a bleift den Dag vun de schaffende Leit!

Well den 1. Mee,

- den Dag vun der Aarbecht,
- den Dag vum weltwäite gewerkschaftlechen Asaz
- fir Gerechtegkeet,

- fir soziale Fortschrëtt,
- fir Fridden an Demokratie,
- fir Fräiheet a Gläichheet

dee muss gefeiert a geéiert ginn!

Fir d'Emanzipatioun vun de Schaffenden, fir hir Rechter, fir eng Welt wou jiddereen ouni Angscht an Ënnerdréckung senger Aarbecht kann nogoen.

Den 1. Mee ass och den Dag vum Fridden, an duerfir spillt deen Dag och haut, wou Krich an Europa herrscht esou eng wichteg Roll.

Kolleginnen a Kollegen,

Den 1. Mee ass en internationalen Dag, dee keng national Grenze kennt. An dat ass grad fir eis esou wichteg auszedrécken, wou mer an engem Land sinn, wou bal d'Hallschent vun de schaffende Leit Frontaliere sinn.

Wou mer dach an allen ekonomesche Secteuren esou drop ugewisen sinn, datt eis Kolleginnen a Kollege Grenzgänger all Dag Kilometere vun doheem aus maache fir hei schaffen ze kommen.

Wou mer eis während Covid erëm nei bewosst gi sinn, wéi opgeschmass mer wiere wann se net iwwer d'Grenz kéimen.

A mer dann awer ëmmer erëm mat politeschen Entscheedungen konfrontéiert ginn, wou déi iwwer 200.000 Salariéen, déi eise Räichtum hei matschaafen, einfach ausgeschloss ginn. Bourses d'études, gratis Maisons relais, gratis Schoulbicher, gratis Kantinnen, Ënnerscheeder bei der Sozialversécherung, bei der Besteuerung, ... alles dat sinn nëmmen e puer Beispiller vun den Diskriminéierungen deenen d'Frontalieren ëmmer nach ausgesat ginn.

A wat geschitt an der lafender Tripartite? Eis Regierung mécht dach ganz seriö eng Propose d'Leit kéinte jo e Scheck kréie fir d'Verréckele vun Indexranchen, awer just d'Residenten. 200.000 Frontaliere sollen och keen Index kréien, awer de Scheck soll och net fir si sinn.

Propose déi natierlech direkt verworf ginn ass vum OGBL an och glécklecherweis net zréckbehale gouf. Mee si ass gemaach ginn. An och dat gött net vergiess.

Gläichzäiteg feelt et an alle Secteuren u Leit. D'Betribler ziddere soubal eis Nopeschlänner hir Léin erhéijen.

Mee si kënnen dach net de Wäert vun der Aarbecht erofsetzen, an da fäerten d'Leit géifen hinne fortlafen.

Kolleeginnen a Kolleegeen,

Den OGBL steet a fir all d'Leit. An ass géint all Diskriminéierung.

Onofhängeg vun hirem Wunnuert.

An dat selwecht gëllt fir déi Residenten, déi kee Lëtzebuerger Pass hunn, déi Zéngtausende vun Immigréen hei am Land, déi d'Land och zu deem maache wat et ass an déi awer oft nach diskriminéiert sinn an net déi selwecht Chancen hunn.

Kolleeginnen a Kolleegeen,

Erlaabt mer nach e Wuert zu deem souvill diskutéierte sozialen Index. Dee populisteschen Ugrëff, dee Politik a Patronat um Index reiden, deen awer kee vun hinne wierklech wëll.

Well wa mer dann der Meenung sinn, datt dee mat der décker Pai keen oder manner Index bräicht an dee mat der klenger méi, wann dat da wierklech de Wonsch vun deene wier, déi eis dat wëlle verkafen, bedeit dat dann, datt all d'Secteurs mat de méi niddrege Léin hire Leit méi en héijen Index ausbezuele wëllen? Den Horeca, de Commerce, de Nettoyage, de Bau an d'Handwerk zum Beispill. Här Reckinger, wëllt dir wierklech äre Leit méi gi wéi déi 2,5% bei enger Indexbranche? Fir datt et méi sozial gerecht ass?

Fir datt se an de Secteurs mat de méi héije Léin keen Index müssen ausbezuelen? Am Bankesektor do géif der de Patronen den Index schenken an de Leit hir Kafkraaft huele wann déi wëilten eng nei Heizung?

Hmm verstitt, datt mer do stutzeg ginn.

Well wann dir wierklech méi sozial Gerechtegkeet, an eppes géint d'Schéier tëscht Aarm a Räich maache wëllt, da wiert iech dach net mat Hänn a mat Féiss géint besser Léin? Géint e bessert Kollektivvertragsgesetz, wat eis nach ëmmer laut Koalitiounsprogramm versprach bleift, awer näischt passéiert ass, well de politesche Courage feelt wann d'Patronat net matmécht?

A wann déi 3 Regierungsparteien den Index elo op eemol och sou onsozial fannen, ma dann hätte mer do Iddien, wéi se endlech, endlech méi sozial Gerechtegkeet kéinte schafen!

Mee jorelaang hunn se op all deene wesentleche Froen net ganz vill beweegt.

Duerfir seet den OGBL jo, grad elo misst eppes passéieren!

Grad elo misst d'Kafkraaft vun de Leit gestärkt ginn. D'Kannergeld misst substantiell eropgoe fir all déi Joren, wou mer drop verluer hunn.

De Mindestloun misst zënter Joren erhéicht ginn, 0.9% ass alles wat d'Regierung fäerdeg bréngt.

D'Allocation de vie chère misst verduebelt ginn, mee dat war nëmme während Covid méiglech.

D'Kollektivvertragsgesetz muss reforméiert ginn, mee dat bleift bis elo en eidelt Versprechen aus dem Regierungsprogramm.

D'Lëscht vun de politeschen Handlungsdefiziter gëtt ëmmer méi laang. Den Index ass sozial ongerecht soen se. Ma deen, dee wëll eppes fir sozial Gerechtegkeet maachen, muss et bei de Steiere maachen.

Och hei fuerdert den OGBL grad elo, endlech Steiergerechtegkeet. Manner Besteuerung op der Aarbecht, méi Besteuerung op dem Kapital. Et muss endlech gestoppt gi mat de Steiererhéijunge bei de Leit.

Grad elo brauche mer eng Upassung vun eisem Steuerbarème un d'Inflatioun. An eng Streckung vum Barème, sou datt déi mat den niddrege Salairë manner Steiere bezuelen, an déi mat den héije Salairë méi.

A wann mer bei der Lutte géint Ongläichheete sinn, firwat gëtt dann nach ëmmer näischt gemaach géint d'Explosioun vun de Wunnungspräisser hei am Land?

Mir kënnen net weider akzeptéieren, dass déi eng sech quasi hiert ganz Liewe verschëlden, oder sech selwer keen eegent Haus méi leeschte kënnen, während déi aner sech stänneg beräicheren.

D'Lobbyiste vun de private Promoteuren hunn e gudde Job gemaach. Si kënnen sech weider wansinneg beräicheren, inklusiv de gëllenen Aueren. An dat op Käsche vun de Leit, déi op Logement à prix abordable ugewise sinn.

Firwat net wierklech duerchgräife géint d'Spekulatioun am grouse Stil, déi d'Präisspiral ëmmer weider undreift. Firwat net endlech eng seriö Loyerbrems, déi op Dauer d'Loyeren ofbremst? Dës Regierung huet zënter 8 Joer versot hei eppes ze ënnerhuelen, da wier et grad elo en Thema gewiescht fir d'Tripartite a wierklech endlech unzerappen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Grad elo sti mer an eisem Liewen an an eiser Aarbecht virun engem grouse Wandel. D'Aarbechtswelt vu muer gëtt eng aner.

Mir brauche staark Ofsécherunge fir d'Salariat, gekoppelt mat moderne Visiounen vun Digitaliséierung, ökologescher Transitioun a Work-life balance.

D'Digitaliséierung vun der Aarbecht kann net ouni eis gemaach ginn, mee nëmme mat eis. Dat muss am Sozialdialog passéieren. Mir brauchen do e Matsproocherecht a musse seriö geholl ginn. Net wéi an der Tripartite.

Am Klimaschutz ass elo keng Zäit méi ze verléieren! Et muss elo direkt gehandelt ginn.

Klimaschutz a sozial Gerechtegkeet gehéieren zesummen.

Mir sti fir Klimagerechtegkeet. Fir eng gerecht Transitioun.

A wa mer wëlle gréng Aarbechtsplaze schafen, wa mer wëllen an eng karbonfräi Gesellschaft kommen, da kann dat nëmme ob eng Aart a Weis sinn, déi sozial ass a fair fir déi schaffend Leit an hir Famillen, onofhängeg a wéi engem Land se gebuer sinn, an onofhängeg vun hirer sozialer Schicht.

A wa mer wëllen an dëser moderner a grénger Aarbechtswelt ukommen, da geet dat nëmme mat gutt bezuelte Jobs an ënner gudden Aarbechtsbedingungen.

An dozou gehéiert et och säi Berufsliewen a Privatliewen ënnert een Hutt ze kréien an net futti ze goen ënnert ze vill Aarbecht. An dozou gehéiert och manner Stonne schaffe bei gläichem Loun.

Och dat ass modern. Och dofir steet den OGBL.

Kolleginnen a Kollegen,

Mir si frou haut e staarken OGBL ze sinn, deen zesummen hei steet fir d'Interesse vun de Leit ze verdeedegen.

An der Pensioun an natierlech op der Aarbechtsplaz.

D'Zäiten, déi elo op eis zoukommen, wäerte keng einfach ginn. Mir sinn eis dat bewosst.

A mir si prett. Fir dowidder ze goe wann et néideg ass. Dorunner soll keen zweiwelen.

Aarbecht unerkennen an se gutt bezuelen. Dat muss erëm an der Virdergrond geréckelt ginn.

An dofir sti mir all, onofhängeg vu wéi engem Secteur.

Mir all zesumme sinn den OGBL. A mir all zesumme kënnen eis och där do Erausforderung stellen. Am Interessi vun alle schaffende Leit, Rentner an hire Famillen.

Si nennen hire Pak „Solidaritéitspak“. Mee Solidaritéit kann net just eesäiteg an eng Richtung goen. Politik a Patronat brauchen eis keng Lektoun ze ginn a Saache Solidaritéit.

Well dat sinn dem OGBL seng Wäerter.

Déi gewerkschaftlech Solidaritéit vun alle schaffende Leit, aus alle Beruffer a Qualifikatiounen, ob aus dem öffentlechen oder private Secteur, op Mann oder Fra, op Lëtzebuerger oder Auslänner, op vun hei oder hannert der Grenz, an dëser Kris an och doriwwer eraus, ass de richtege Wee an d'Zukunft.

Vive den 1. Mee!

Vive den OGBL! Vive de Landesverband!